N° 7538
Entrée le 31.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/01/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

An hirer Äntwert op meng Question parlementaire n°7357 huet d'Ministesch geschriwwen, dass zum deemolegen Zäitpunkt insgesamt 388 Kanner a Jugendlecher duerch d'Geriichtsuerteeler vun deenen zwee Jugendgeriichter an enger Institutioun placéiert waren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun dëse Kanner sinn an Institutiounen am Ausland placéiert an ëm wéi eng Länner handelt et sech dobäi?
2. A wéi enge Fäll, respektiv aus wat fir enge Grënn, gi Kanner a Jugendlecher an Insitutiounen am Ausland placéiert?
3. Firwat ginn dës Kanner a Jugendlecher an Institutiounen am Ausland placéiert an net hei zu Lëtzebuerg en charge geholl?
4. Wat geschitt mat der Garde, am Fall wou e Kand an enger Insitutioun am Ausland placéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten